

Bd. Nr. 203

De Jim
an
de Bim

Zodis-Steck an 2 Akten,

verbrach vum

JÄNGI FOHRMANN

Musek vum JEMPI FAUST



Drock a Verlag vum P. WORRÉ-MERTENS
Letzeburg

JIM A BIM

PERSO'NEN:

De Jim,

De Bim,

zwe'n Arbeitsloser.

René Rodin, en Ingénieur.

Anastasia Polfer, eng éler reich Joffer.

D'Sisy, eng jong Gouvernante.

Mathes Schnappsnues, e Gemengebued.

Médercher a Jongen aus dem Duerf.



Copyright by P. Worré-Mertens Luxemburg 1949.

E'SCHTEN AKT

D'Bühn stellt eng Landschaft duer, — Et ass d'Zeit vum Karschnatz. — Op der Bühn é Quascht, dofum ve'er Garwen ennen, an eng uewen eriwier. Wann de Vorhang opgät ass d'Bühn eidel. — Et he'ert én eventuel e puer Villercher peifen.

Mathes: (Kent vun der Seit eran) Ja — ja . . . dat nennen de' aus dem Gemengerot dann en Hääreliewen, — Elo schon an aller Herrgottsfre' eraus ze sin — a vir wat? — Well zwe'n Vagabunden sech seit gescht de metteg hei erem dreiwé sollen. — Sie hun zwar we' et schlingt kengem eppes geklaut... mä se hun de Gäck mat e puer Baueren aus dem Gemengerot geschter Owend an der Wiertschaft gemat — an dat ass vill me' urch we' klauen. — Dat gèt dann dur dat de Jewwi gesot kritt: Mathes... mar de muergen an aller Herrgottsfre' eraus, de' zwe'n sichen. — Wanns de fre' gés, fennst de se nach am Léer. — An elo ass de Mathes schon 2 Stonnen op de Bén ma nach emmer keng Spuer vun déne Bridder. — Wat me' ellen, — dat ass dat ech muergens schon eso' fre' hier an den Ellergronn muss kommen — wo' et dach — we' jidderén wéss am hellen Do net ganz geheier ass. — (Hölt eng Schlupp Schnapps) — O Mammeli ech duerf net drun denken wat d'Leit alles vun dem Ellergronn erzielen. — Hei hun virun Joeren der drei hiert Liewen musse lóssen. — An haut gét hiere Géscht nach emmer hei em, — Et ass ze vill gruschelech. —

Se'ngt:

1.

De Raudi an den Daudi,
De' haten d'Maudi gär.
Dat go'w de Grond zu enger
Ro'tbluddecher Affär.

Refrain:

An dem Ellergronn
Wann et zwielef schle't
Op an of all Stonn
Bis der Dag sech dre't
Kreiche, fle'en
Schwieven, dre'en
We' den Niwel an den Dellten
Gäschter aus verdämte Welten.

2.

De Raudi sot zum Maudi:
«Komm an den Ellergronn
Den Owend um 8 Auer
Dann dre'e mir et ronn».

3.

Den Daudi hat scho viraus
Firt allerselwecht Stonn
Eist Maudi zum Plese'er
Bestallt zum Ellergronn.

(Refrain)

4.

De Raudi an den Daudi,
Knapps war verschwonnen d'Sonn,
We' ofgemat mam Maudi,
Hu sech getraff am Gronn.

5.

De Raudi bröllt zum Daudi:
«Du huescht mer et gebotzt».
«Meint ass et», jeitzt den Daudi,
«Meint bleiwt et, dir zum Trotz».

6.

De Raudi rennt dem Daudi
De Gaudi durch de Leiw;
Dé rappt eraus de Gurri
A stecht de Raudi steiw.

(Refrain)

7.

We' d'Maudi nach wollt wieren,
Fällt hat och an de Kneip.
Do lo'gen s'allen drei do
Mat durchgestachener Treip.

8.

An zenter desem Owend
Ass no der Gëschterstonn
E schreckleche Radaudi
Hei an dem Ellergronn.

(Refrain)

(Beim Refrain hiewt sech de' iewescht Garw — de' zu dem Zweck un enger denner Ficelle ugemat ass, an d'Luecht a gät op den Takt vun der Musek op an of. --- Iwerdem fänken zwo' Garwen un sech ze bewegen — de Jim an de Bim stinn nämlech dran, — De Mathes helt neischt an uecht bis beim Schlussrefrain. — D'Musek brecht of a gät an en aneren Tempo iwer.)

Mathes: Ha'... d'Gëschter si lass! ... Helef Muttergottes helef mer ech sin drun..! (am Jeitzen an Zitteren léft hien fort.)

2. Zén.

(Et he'ert én no enger Weilchen en herzhafteg Lâchen.)

Bim: Hallo Jim —

Jim: Hallo Bim —

Bim: Dén hätte mer —

Jim: De' aner lackele mer mat Speck. —

Bim: Jim! — Opgepasst do hannen kent erem én. — Erem schnell op eis Plätzen.

Jim: Krenondifisek! — dén do berappt et, eis hei ze ste'eren. (Huelen hir Plätzen erem an,)

3. Zén.

René: (E jongen Ingénieur kent vu riechts opt Bühn,) —

Ja, ja, elo stin ech erem hei we' en Ochs beim Biërg. — Erem ké Wéweiser fir an dat Nascht. — Elo lafen ech ewell eng geschloen Stonn ronderem uni vum Fleck ze kommen. — An de Bauer dén ech op der Gare gesrot lum — sot et wär hechstens eng Ve'erelstonn Wé. — Ech hu meng Valissen schon do hannen hanner der Heck stoen geloss — an elo wéss ech nés net wo'hin. — (Rascht e besschen op engem Holzstack.)

Ja, ja, d'affaire gèt gudd un. — Dat huet én dervun wann én e verre'ckte Monni huet. — Ech sollt hannerzech op de Bauch falen, we' ech virun 3 Wochen de Bre'f hei vum Notär kritt hun. — (Liest vir.) ... Här René Rodin. — Mir hun d'E'er iech matzedélen, dat ère Monni den Här Polfer Jamper den 5. Oktober op sengem Schlaß bei Kripsech gestuerwen ass an iech mat als Ierwen agesat huet. D'Testament geseit eng Bedingong vir: Dir sit zu Recht den Ierwen vun der Halschent vum ganze Verme'gen, wann dir daccord sit, iech bannen engem Joer mat èrer Kusine der Joffer Anastasia Polfer ze bestueden. Zu dém Zweck muss der 14 Dég mindestens um Schlaß mat hir ze-

summe wunnen. Wann der net daccord sit, iech mat der Joffer ze bestueden, kritt dir èren Openthalt bezuelt an 20 000 Frang boer Geld. — Dir kritt d'Halschent vum ganze Verme'gen dann ower och, wann dir der Joffer Anastasia net sollt gefallen — an sie schrefflech erklärt iech net bestueden ze wellen. — Mat alle Komplimenten ... den Notär: Kuschttert ... , Baufdeg .. do hu mer et. — A schon sin ech hei enner Wé, — Ech hun de Monni net kannt. — ech kennen Schlaß net — mä ech kenne mei Portmonni, dén al u Schwindsucht leid. — Ech hun eng secher Chance — wann ech et 14 Dég aushalen, kre'en ech 20000 Frang. — De' aner Chancen beschwetzen mer ere'scht her-no ... Ower wat ass dat do ,, ? ? ?

(Et he'ert én de Jim an de Bim an hire Garwen «Hu-Hu» mâchen, fir de René färten ze lossen. — Sie kommen op hien duer.)

René: (den e'schte Moment e besschen erschreckt fenkt un hârzhaft ze lâchen) .. A wat fir Flautereten sin dat doen dann?

Jim: Hu--Hu-- mir si Gèschter ...

Bim: Hu--Hu-- jo arme Gèschter! !

René: Arme Gèschter sid dir, dat glèwen ech iech!

Jim: Nén! .. richtig Gèschter — Hu—Hu mat dat der fort kommt!

Bim: Hu—Hu ... jo fort — .. soss musse mir iech friesen!

René: (Lâcht — Mä dir Payassen, — elo gét et ower duer. (Helt de' zwe'n, ste'sst se zesummen dat se emfâlen,)

Jim: Bim! .. Helef ech erstecken, — ech stierwen.

Bim: Oh .. Jim .. ech sin schon do't.!

René: D'Gèschter müssen dach do't sin, soss sin et keng! (Iwerdém hun de' zwe'n — eventuel mat Helef vum René — sech aus den Guerwen gekrabbelt a stinn nun e besschen verdaddert do.)

Jim: Här, — verzeit — mir wollten iech neischt doen. —

Bim: Mir hate geduecht dir wärt én vun déne kuschtege knuppege Baueren.

René: Daccord, daccord, — mä sot mer emol — wat eigentlech lass ass.

Jim: Här, da lauschtert. —

Bim: Jo, lauschtert. —

Jim: Schwätz du Bim, — du wëss alles besser ze expli-ze'eren!

Bim: Oh, Jim, — mach mech net schimmeg, — schwätz du. —

Jim: Abä Här da lauschtert!

Bim: Jo — — — — lauschtert. —

René: So' ... elo gèt et mer erem duer, — soll ech iech nach eng Ke'er mat de Käpp zesumme sto'ssen.

Jim: Oh, nén Här, lauschtert. —

Bim: Lauschtert! —

Jim: Also mir zwe'n. —

Bim: Jo, hien an ech! — —

Jim: Also mir sin zwe' Kollegen.

Bim: Jo — hien an... .

René: an du, jo, jo, — ech wëss — nu mat emol virun.

Jim: Här, mir sin zwe'n Arbeitsloser, de' um Wé an d'Stât sin vir Arbecht ze fannen... .

Bim: Jo .. bis elo hate mer Chance.

René: We' dann?

Bim: Mer hun nach keng font!

René: We'? schafft dir net gären?

Jim: Här, schwätzt eis nemmen vun der Arbecht... .

Bim: ... da lafe mir fort! —

René: Nu emol sérieux. Fu wat liewt dir dann elo eigentlech?

Jim: Mir gin an de Bauerendierfer — Theaterowender!

René: Wat? .. Theaterowender? Wat spillt dir dann do?

Jim: Mir sangen... gin komesch Vorträg, — an eso' virun.

Bim: Mir spillen Dramaen an èscht Stecker. — —

René: De' ass net schlecht. — Frot dir dann och Entrée?

Jim: Nén, mir machen alles we'nt der Konscht.

Bim: Der Konscht... fir durch d'Liewen ze kommen.

René: Gid dir dann och op hiewen?

Jim: Jo Här mir gin op hiewen. —

René: Wat hiewt dir dann alt eso' op?

Bim: d'lescht hat de Jim e Fraleitsrack opgehewen! ...

Jim: Mä ... so emol Bim! !

Bim: Jim

René: Sérieux elo. Verstid dir eppes vum Theaterspillen? — Mir könt elo nämlech eng wonnerbar Idée. - Wann dir sollt e besselchen Talent hun — a matmachen — bei mir ging der bestemmt während 14 Dég gudd liewen — an derbei Suen verdengen.

Jim: (Mecht we' wann hien geng sénen) - Här, den hellege Platschbeddel de Patron vun de Komiker soll iech sénen.

Bim: (kne't sech virun hien a kesst him de Paltong) — Här, -- ech kessen iech de Sâm vun ärem Kléd.

René: Also nu keng Fisematenten. Weisst emol èr Konscht.

Jim: Bim... also virt e'scht en Drama. — (De' Zénen de' elo kommen sin dem Regisseur an der Konscht vun dénen zwe'n iwerloss. Sie kennen ro'ech e puer Nummeren zum Beschte gin.)

René: Jim... Bim... dat do ass gro'ssarteg. Wesst der wat — ? mir tauschen d'Rollen. — Ech soll nämlech fir eng Ierbschaft ze mâchen — eng kleng Kusine bestueden de' ech net kennen, — a wuerzo' ech absolut kén Idee hun. — Du Jim, — sollst meng Roll spillen, an dem Médchen eso' zo'setzen, dat et schrefflech erklärt, mech net ze wellen. — Du Bim, — du wärs dem Jim sein Sekretär, — an ech ging mat als ären Denger. Kanner dat, dat get eng wonnerbar Sâch. — Kommt mat bis duer hannen, wo' ech meng Kofferen

hun, — ech mengen ech hätt fir den Ufank de' ne'deg
Garderobe fir iech — Ech erklären iech dann mei
Plang an allen Détails. — D'accord?

Jim: Här mir sin d'accord. — Dir kent iech op eis verlos-
sen.

Bim: Jo Här, da sit dir verloss.

René: Also kommt mat bis dohannen, ba beschwätze mir
d'Affär genau. (Allen drei of.)

4. Zén.

(Hanner der Bühn he'ert én Lâchen a Gespre'ch. —
D'Schmötter a Schnöterinnen kommen am Lâchen op
d'Bühn.)

Demmy: Also Kanner hei wäre mer. — Dir ve'er git bei
d'Wibbelsmierchen — an dir bei de Weiheschpull. —
An dat mer eppes gemât get. — Mä e'er mer ausenén
gin, sange mer nach eist Liddchen:

1.

Op dem Flo'er, frei dobaussen,
Schaffe mir zu fre'er Stonn
Mat de Se'sslen an de Flausen
An dem Wés vum Ellergronn.
D'Rècher schauwen iwer d'Recker,
Garw em Garw get opgestallt,
A Gesank te'nt iwer d'Stecker
Dat et iwer d'Felder schallt.

Refrain:

Mir se'sslen a me'en,
Mir ke'ren an dre'en
A bannen zu Garwen
Mat goldége Farwen
De Wés an de Kar fir eist déglecht Bro't.
Eis Baueren a Me'er
Mecht d'Arbecht Plese'er.
Mir kenne keng Suergen,
Wann dreche gebuergen
De Ségen vum Aker an de Scheiere ro't.

Wa mir se'sslen a me'en
An der fröscher, freier Loft,
Föllt vu Garwen a vun E'en
Sech eis Broscht mat Wonnerdoft.
A beim Me'en wält durcht Longen
Vun dem Jonktem feirecht Bludd.
An dem Karschnatz schmächt de Jongen
d'Bés vum Médchen duebel gudd.

Refrain.

(Sie tanzen beim Refrain e sche'ne klenge Ballet a
gin am Ballet of.)

5. Zén.

(D'Bühn bleiwt e Moment eidel, — da kent vu lenks
d'Anastasia an d'Sisy. — D'Anastasia ass eng éler
Joffer, — a vermängt — eng komesch Roll, — D'Sisy
ass e jongt Médchen dat Gouvernante bei der Anasta-
sia spillt.)

Anastasia: Hut der elo net selwer néss he'eren, Sisy. —
Gesongen hun se amplatz hier Arbecht ze mâchen. —
So' stielen de' eitem Herrgott den Dâg. —

Sisy: Mä Joffer — losst hinnen dach de' Frèd. — Wo
man singt da lass dich ruhig nieder — héscht et am
Sprachwuert, — a beim Gesank gât de' Arbecht de'
sie ze mâchen hun fill besser. —

Anastasia: Du gesst hinnen also och nach recht, — dat
verstinn ech net vun dir. Eso' lichtfankecht Vollek
we' dat ass — d'Médercher denken jo nemmen unt
Jongen — an emgeke'ert.

Sisy: Ma ja Joffer — dat ass dach der Welt Lâf. —
(Luesséch) — Hat dir bestemmt nie e Freier Joffer
Anastasia? —

Anastasia: Hu... e Freier — a mengem Liewen net —
Unbere'ert sin ech bliwen — an onbere'ert well ech
meng Se'l spe'der opgin. —

Sisy: Elo ... ech mengen jo net eng èscht Freierei — mä eso' eng Schwärmerei wesst der? — Kukt, hat der dann nie emol de Wonsch dat e jonge Mensch iech eng Ke'er eso' richtig le'wdrecke sollt. — eso' — — imite'ert et.)

Anastasia: Sisy — — wo' denkst du hin — — Huest du dann eso' Gedanken?

Sisy: Jo — — a nén. — — Kukt Joffer — ént stét fest — ech well keng' al Joffer gin, — Wann e Jong kent dé mir gefällt an hien well mech — da soen ech net nén fir an E'eren seng Fra ze gin.

Anastasia: A wann en dech dann net wellt — — wann e falsch ass?

Sisy: (Vir sech) .. aha — ech verstinn, — Mä Joffer dat get et dach net!

Anastasia: Mä grad get et dat — ech muss et dach wesen. — Awer loss mer dat elo sin — Kuk Sisy wat ech net verstinn, ass dat den Här, elo we' héscht e schon me'?

Sisy: Den Här René Rodin. —

Anastasia: Ja — den Här Rodin. — Ech verstinn net dat hien nach net hei ass. No sengem Schreiwen wär en dach de Muergen schon ukomm a misst dach schon hei sin.

Sisy: We' gedenkt der dann mat him emzegoen Joffer Anastasia?

Anastasia: Ha .. dé soll mech kenne le'eren. — dén Erbschleicher. Dé kent bestömt dach nemmen we'nt de Suen. — Wat wärt hien mär sche' schwätzen, dat ech hie sollt huelen an hien dann ganz Verme'gen kre'e soll.

Sisy: Ma dir braucht hien jo laut Testament net ze huelen — wann dir schrefflech verweigert, kritt hien jo nemmen d'Halschent.

Anastasia: Dat ass jo de Witz. — Ké Su solle kre'en. Ech behuele mech eso', dat hien vum selwe net wellt an dann kritt hien nemmen 20 000 Frang. — Eso' get et gemât. —

Sisy: Ja, wann hien iech da richtig gäre krich?

Anastasia: Haha — mer kennen de' Tricken. — Awer Sisy du bleiwst elo nach e besschen hei — wann ieren den Här Rodin komme sollt. — Ech gin dann no der Feldarbecht kuken. — Ech kommen geschwenn erem. (of.)

6. Zén.

Sisy: Eis Joffer Anastasia! Sie wellt sech eso' behuelen, dat hien se net wellt — et fällt hier wierklech net schwe'er. So' ass d'Welt nun émol — de' eng hun d'Geld op de Ke'p — wessen neischt dermat unzefänken an sin onglecklech — de' aner de' eso' gudd wissten wat se dermat mâchen sollten, de' hun et net. — Hei ass erem eso' eng Sâch. — Eis Joffer Anastasia de' scho Geld genuch hätt, mecht elo nach eng schwe'er Ierbschâft. — Grad we' den Här Rodin, dém elo dausenden an de Scho'ss fâlen — an de bestömt der och scho genuch hätt — ja dat le'wt Geld. Net dat ech eso' drun hânken, mä ech hätt ower alt neischt dergént, wann ech es e besschen hätt.

1.

Wie Geld huet, brauch net vill ze knecken,
Hie schâft sech un, wat d'Hierz begiert,
Wann net vun déne ville Mecken
De Geiz him d'Se'l an d'Hierz verziert.
Et sét én zwar, d'Geld mecht net glecklech.
Mä anerseits kann én och son,
Dat mat Klamotten ganz geschecklech
De Mensch sech kann durch d'Liewe schlou.

Refrain:

Alles op der Welt
Dre't sech em d'le'wt Geld.
Wien es massech huet,
Giet ganz licht bestued.
Awer op all Stot
Mat so' villem Drot
Fridd a Gleck léft no,
Ass eng aner Fro.

Sisy: (komesch) Aha ... Geld elo sin ech schon net me' grad eso' vill wärt, well ech keng Suen hun we' d'richteg Joffer vum Schlaß.

Jim: Gläwt dat net Joffer — Geld ass dat mannst ...

Bim: ... wat mär hun.

René: Joffer dir durft dat net vun eis denken.

Jim: Jang hal de Mond ...

Bim: ... a schwätz eis net emmer an d'Gespre'ch.

Sisy: Här Rodin! — ech sollt hei am Optrag vun der Joffer Anastasia Polfer op iech warden an iech wellkem héschen. — Sie kent direkt erem fir iech op d'Schlaß ze fe'eren.

Jim: Ass d'Joffer Anastasia nach eng flott?

Sisy: We' én et huele wellt.

Bim: Huet se scho falsch Zänn?

Sisy: Excuse'ert ech schwätze net iwer meng Herrschaft.

Jim: A la bonne - Auder!

René: Hm ... hun ... Här Rodin!

Bim: Jang hal de Mond!

René: Här Bimski, ech lösse mech net vun iech kommande'eren.

Jim: Jang hal de Mond!

Bim: A schwätz eis net emmer an d'Gespre'ch.

Sisy: Entschellegt dir Hären ech läfen d'Joffer Anastasia elo ruffen. — Ech sin an enger Minut erem.

Jim: Ma gewess Joffer.

Bim: Gidd dir Joffer ... mir warden. (Sisy fort.)

7. Zén.

Jim: Eng flott Maischen ... (kukt him ganz verzeckt no.)

Bim: E le'we Kiewerlek (kukt him ganz verzeckt no.)

René: Nujé dir zwe'n Schwerenöter, — Heihinner kuken. — Also bis elo hut dir är Roll jo net eso' schlecht gemacht. — Ech war eigentlech bal aus der Roll gefäl we' ech geduecht hun, hat wär d'Joffer vum Schlaß — dat héscht d'Ierwin — Do hat ech mech bal verbabbelt.

Jim: Jo -- dir wart bal aus der Roll gefäl.

Bim: Dir hat iech bal verbabbelt.

René: Widerhuel dach net alles zwémol.

Jim: Dat ass richtig.

Bim: Dat stemmt.

René: Wesst der ... dir dirft net grad eso' steif, we' an ale Jorhonnert optrieden. — E bessche me' burschikos -- me' we' d'Amerikaner — zemol bei der richtiger Ierwin. — E'schtens ass et zo nach eng kleng Kousine vun iech Jim.

Jim: Eng Kousine vu mir?

Bim: Vun Jim.

René: Verstitt dach. — Jim, dir spillt dach meng Roll. — A well et eng kleng Kousine vu mir ass — ass et dann eng vun iech.

Jim: Ah so' —

Bim: Ah so' —

René: Zwétens soll dir jo d'Ierwin derzo' brengen, dat se den Här Rodin -- also mech net wellt. — Verstitt dir?

Jim: Ei! a we'.

Bim: Ei! a we'.

René: Duerfir muss dir e besschen me' burschikos optrieden -- ech gin iech iwregens d'Zéchen hémlech, we' der et sollt machen. Awer opgepasst a Positure. — Ech mengen dat wär se, de' mat der Joffer vum Schlaß kent.

8. Zén.

(Anastasia an d'Sisy.)

Anastasia: (Hellet de Lorgnon virun d'Aen) Aha ... da gif ech elo mei le'we Kousin kenne le'eren — wat vir én vun dénen Hären ass et? —

(Jim a René si komisch erschreckt.)

Jim: Hei ... elei de Bim!

Bim: Nén ... de Jim!

René: Ma Här Rodin — Et ass anscheinend d'Joffer Polfer. — dat ass är Kousine!

Jim: Jo dass meng!

Bim: Bravo dass em Jim seng!

Anastasia: Awer dir Hären — ech verstinn net recht — ech luelen un ech hun net mat Naaren ze din.

(de René get dem Jim d'Zéchen bei d'Joffer Polefer ze gon, hir frendlech als Kousin op de Reck ze klappen.)

Jim: (Gët op se duer) Le'w Kousine! (Hät der eng op de Reck dat se bal an d'Gette gët)

Bim: (Mecht selwecht a sët) Härzlech wellkomm!

Jim: Hei Kousinnchen hei stellen ech der mei Privatsekretär den Här Bimski vir. — et ass mei Dutzfreund — an hei de Jang mein Dinger!

Anastasia: (Komesch awer éscht gemengt) Oh wat e Man — Wat eng Kräft! Villmols wellkom Kousin! (get dem Jim d'Hand — dén se richtig resselst an hir derbei op den Reck klappt.)

Bim: Ah le'w Kousine — elo ech wollt soen — le'w Joffer villmols wellkom (Klappt hier op de Reck) (de René kritt d'Hand a verneipt sech, we' et sech passt.)

Anastasia: Villmols wellkom alleguerten — Sisy rufft d'Leid erbei dat se de' Hären kenne le'eren. — (Sisy of.)

9. Zén.

Mathes: (Kent eran lues a lauend mat engem Gräf — kukt opt Garwen a sët) Ah do sin se jo .. d'Gèschter, elo erliuwen se eppes.

!Jim a Bim mengen et wär fir sie gemengt an retiere'eren sech virum Gräf bis hannert Garwen — de Mathes mengt awer d'Garwen a rennt mam Gräf dran an dre't se em.)

Mathes: So' ... dir Häre Géschter — sid dir nach do? — Gelt de Mathes fährt iech net (zur ieweschter Garw) Dann hiew dech elo emol nach eng Ke'er — dajé wibel mol nach - (en ass ausser Rand a Band.)

Anastasia: Mathes! wat ass da lass — wat ass da geschitt?

Sisy: De Mathes geseit Memmercher — hien huet eng Drepp ze vill gedronk!!

Mathes: O nén Joffer — do waren d'Gèschter dran — Virun enger Stonn hun se nach dra gehaust.

Jim: Dat stemmt. —

Bim: Dat stemmt. —

René: Dat stemmt. —

Anastasia: We'? Koseng hut dir se och annuecht geholl?

Jim: A we'!

Bim: A we'!

René: A we'!

Anastasia: Mathes, dir hut eng Midailgen verdengt. — Dir huet d'Gèschter verdrüwen.

Mathes: Ah, de Mathes ass net eso' — hien fährt net — D'Gèschter hate chance dat se net me' dra waren!

Jim: Der Deiwel de' hate chance!

Bim: A wat fir eng chance!

Anastasia: Dir Hären denkt elo net me' un d'Gèschter. — Elo gi mir zesummen op d'Schlaß. — Hei — elei kommen eis Leid. (Schnötter a Schnötterinnen kommen vun alle Seiten a stellen sech op.)

Anastasia: Hei stellen ech iech mei Kousin — den Här Rodin fir — mat sengem Sekretär a Bedengten. — Eso' lang we' hien am Schlaß ass, ass hien vun alle Leiden ze uechten.

Sisy: Ech wéss wuel Joffer Polfer dat dir net fro' mam Gesank sit -- ech ging trotzdem propose'eren — eis Leid sollen hinnen als Wellkomm e Liddchen sangen.

Jim: Ei dat wär flott.

Bim: Gewess wär dat flott.

René: Här Rodin!

Bim: Jang hal Mond.

Jim: A schwätz eis net emmer an d'Gespre'ch.

Schnötter a Schnötterinnen sangen:)

Wöllkomm, dir Dammen a Wöllkomm dir Hären!
Hei op dem Schlaß an hei op dem Land!
Mir sin zefridden, a mir wölle gären,
lech hei begre'ssen mat offener Hand.
E'gen a Ble'en a feierro't Blumen,
Huet zur Begre'ssong hei dese Kranz!
lech zur Plese'er do ma mir zesummen
No der Rekolt 'lo de löschdechsten Danz.

(an zesummen get e klenge Ballet gemat. — Durno fällt de Rideau.)

Schluss vum 1. Akt.



ZWETEN AKT

D'Bühn stellt en herrschaftleche Salon duer.
De Jim an den Bim setzen jidderén an enger Fauteuil.
— Sie können anescht ugedoe sin we' am e'schten
Akt, -- mä trotzdem emmer komesch. — Sie sin licht
am Duschel oni awer vol ze sin. — Si hun Zigarren a
Wein virun sech stoen. — De Jim huet eng Zigar no
amerikanescher Mane'er, hallef gesuckelt am Momm.
— De Bim mecht sech me' distingue'ert we' et sech
fir e Sekretär passt. —

Jim: (nonchalant) Also lauschttert emol Här Bimski. —
Bim: Mä gewess ech lauschteren Här Jimski. — (Béd
lâchen).

Jim: Nén Bim --- Häste virun 8 Dég — we' mer an den
Garwen hu misse schlofen, jé dru geduecht, dat mer
esu' e Liewen krichen.

Bim: Menger werrech net --- Jim --- We' de Mathes mam
Gräf kom ass, do duet ech mengem Papp sengem
Jong seng lescht Stonn hätt geschloen.

Jim: An haut si mer zwe'n deck Hären.

Bim: Alles dèt den Hut of, wa mär durch Duerf gin.

Jim: Nemmen dem Mathes traue ech net richtig. Hie
'kukt eis emmer eso' gelungen, we' wann hien am
Zweifel wär.

Bim: En ass gene'ert well mer besser Häre sin.

Jim: Häste da geduecht dat et eso' licht wär de' besser
Hären ze spillen.

Bim: Jo dat hèscht. — ech mengen mir müssen ower heiansdo besser uechtgin.

Jim: Virwat, Bim?

Bim: Jo gescht beim lessen hun ech gesin, dat se dech eso' gelungen bekukt hun, we's de d'Nues an d'Zerve't geschneitzt hues. — Et schingt, dat man de' besser Leit net.

Jim: Nu lauschter emol hien do. — Du kanst se dach och net an d'Hänn schneitzen.

Bim: Abé ech war net eso' king. — Ech hun mer se einfach mam Paltong ofgeriwen. —

Jim: Mängst du dat wär richtig? (Bim zitt Schelleren) — Sie man och gelunge Sâchen. — D'Joffer Sisy esst z. B. mat der lenker Hand. Meng Mamm huet mir all Ke'er eng opt d'Patte gin, wann ech mat der lenker Hand giess hun. — Huel de' sche'n Hänni sot sie emmer. — Ah, meng Mamm wusst Beschèd.

Bim: A wan se Zocker an dè Kaffi huelen, hun se eng extra Zang, — grad we' wan den Zocker knaschteg wär an dirft én en net mat de Fangeren upâken. — Jé. — Jé!

Jim: Jé, jé!

Bim: Lauschter et huet geklappt. Achtung! (Stellt sech sérieux duer.)

Jim: (mecht we' wann en dikte'ere ging) Entrez! — (iwerdém d'Sisy era kent dikte'ert de Jim dem Bim ro'ech weider)... und dann schikter dir mâr auch noch eine grosse Köscht vun dem Wein mat dâr roten Etiquette...

2. Zén.

Sisy: (ass bei der Dir stoe bliewen an huet gelauschtert. Ste'eren ech vielleicht dir Hären?)

Jim: (mecht wie wann en d'Sisy elo ere'scht erkenne ging) Oh, non le'wt Kand... elo ech well soen... Joffer Sisy.

Bim: Pas du tout, pas du tout Joffer Sisy.

Jim: Kommt lichinner Joffer Sisy — Huel iech e besschen Plätz.

Bim: Kommt platzzt e besschen Joffer Sisy!

Jim: A wat verschâft ons de' gro'ss E'er?

Sisy: (Lâcht) (alant we' emmer den Här Rodin an den Här Bimsky. Et geseit én dat dir an dénen *he'ere* Kréser gewient sit. —

Jim: (ilatte'ert) Dat welle mër gléwen, Joffer, mir hun jorelang op der Mansard gewunt.

Sisy: An dir Här Bimski, dir sid secher vum polneschen Adel?

Bim: Adel? - sin dat de' mat bloem Blut a schwarzem. -

Jim: ?-- Höer!! Nén, nén, Joffer Sisy, sei Papp leit zu Pareis enner dem Arc de Triomphe.

Sisy: Ènner dem Arc de Triomphe? Do leit dach den onbekannten Zaldot.

Bim: Voilà, Joffer Sisy. — Wann ech meng Mamm no mengem Papp gefrot hun, sot se emmer, dat wär eso' eng Geschicht mat engem onbekannten Zaldot gewiescht!

Sisy: Haha — haa, bei iech krit én dach we'negstens e besschen ze lâchen.

Jim: Huel dach e besschen Plätz Joffer Sisy — Mir sin jo eso' fro' wann dir bei ons kommt.

Sisy: Mâcht dat d'Joffer Anastasia iech nèt he'ert. Sie ass iwerzégt, dat dir bis iwert d'O'eren an sie verle'ft wärt.

Jim: O Joffer Sisy wo' kent dir eso' eppes gléwen. Kukt. — wann dir alt Joffer vum Schlaß wärt, — ech wesst net...

Jim: ... a da wesst ech eigentlech och net...

Sisy: Nu luess dir zwe'n Don Juanen — Bei iech kann é soen — «wie der Herr so's d'Gescherr». — De Sekretär ass d'selwecht we' den Här. (Iwerdem ass den René als Denger ugedoen era kom — reispert sech — Hm — Hm —.)

3. Zén.

Jim: Ah tiens! Voilà de Jang!

Bim: Tiens de Jang!

René: Excuse'ert dir Herrschaften. — Mä de Kaffi ass serve'ert. Dierft ech den Här Rodin an den Här Bimski an d'Salle à manger bieden?

Jim: (genere's) Du dirfst Jang.

Bim: Jo Jang du dierfst!

Jim: Entschöllegt Joffer Sisy, --- mir verexcuse'eren eis. Bis herno Joffer Sisy (verneipt sech gravitätesch — de Bim och gin mat komescher Gradenza of.)

3b. Zén.

Sisy: Dir hut e komeschen Här do, Här .. Jang.

René: (lächt gezwongen) Jo .. jo, mä et sin härzensgudd Jongen — ech hun et net schlecht bei hinnen.

Sisy: Dat hun ech och schon an uecht geholl. Sid dir scho läng bei hinnen.

René: Elo we' én et wellt huelen. — Virwât Joffer Sisy.

Sisy: Mä wann der eleng sit, sin se eso' ganz kennech mat iech — a wa Leid derbei sin, da behandeln se iech e besschen vun uewen erof.

René: Ja, dat ass eso' eng Sâch. Wesst der Joffer, sie halen stark op Etiquette!

Sisy: Mä e besschen op eng gelungen Etiquette. Nu ja, jidderengem sei Spâss — Ower sot mer emol Jang — Héscht dir eigentlech Jang? Huet dir kén anere Numm. Ech gene'ere mech emmer eso' Jang ze soen.

René: Jo ech höschen jo eigentlech — elo ja we' well ech soen — elo — Joffer Sisy — ech héschen eigentlech René.

Sisy: René! Grad we' ären Här? A fir wat nennen sie iech da Jang?

René: Jo — elo — wesst dir, we'nt der Verwiesselong. Wann sie mech gengen René ruffen, da gif den Här emmer mengen et wär fir hien.

Sisy: A so' — Dat gefällt mer ower eigentlech net vun iech an och net vun hinnen. Well dir ärt Liewe musst verdengen, durft dir iech net mat ärem richtigem Numm nennen.

René: Ja, wat mecht én net alles we'nt dem le'we Geld!!

Sisy: Schunmt iech. Sid dir déer och alt én. Da gift dir och bestemmt nemmen eng Fra huelen, de' vill Geld hätt.

René: Oh nén Joffer, gläwt dat net. Eso' hun ech et dach net gemengt. Kukt wann ech e Médche ging fannen, dat mir geng gefâlen, — a wann et ké Su hätt.

Sisy: Dat sot dir elo eso', — well dir net am Fâl sit.

René: Dach Joffer Sisy — ech sin am Fâl — ech hun e Médche gären — elo seit kurzer Zeit — mä ech wéss net op hat mech och gären huet.

Sisy: Fir wat frot der et dann net. — Secher well der mengt et hät keng Suen. — Gelt?

René: Joffer Sisy — schwätzt net eso' — kukt dir huet anuecht geholl, dat ech iech gudd ze brauchen hun. —

Sisy: (e besschen erschreckt) Jang . . .

René: Sot net Jang Sisy. — Sot René zu mir.

Sisy: René!

René: Sisy! (wellt op et duergon — hellet ower annuecht dat an déer Zeit d'Joffer Anastasia era kom ass. — bleiwt erschreckt stoen.)

4. Zén.

Anastasia: Jang — Sisy — a wat gât hei vir. Jang git dir op är Arbecht. (René fort) A wat héscht dat doen Joffer Sisy. Et war mir we' wann ech en tête à tête hei geste'ert hät.

Sisy: Leider Joffer Anastasia.

Anastasia: We' leider. — Wat héscht dat? — Dir wärt dach net hammer mengem Bockel en Techtel Mechtel mam Jang ufänken?

Sisy: Ech wéss net Joffer, wat dir enner Techtel Mechtel verstitt. De Jang huet mir eppes erzielt, wat mir nach lang net schlecht gefäl huet.

Anastasia: Schummt iech. — de Jang, — en Denger. — dé bestennt ké Su hannen a ké Su vir huet.

Sisy: Wat héscht Geld. — Geld mecht net gleecklech. An ech mengen de Jang kent sech ro'eg weisen, wu vill besser Hären sech net emmer weise kömten.

Anastasia: Wat héscht dat Sisy? Op wat wellst du uspielen?

Sisy: Op neischt — Joffer Anastasia. — op neischt!

Anastasia: Kuk Sisy wannste alt nach eso' en Här gewielt hässt we' den Här Bimski. E feinen distingueerten Härchen, dém én d'Éducatio'n ugeseit.

Sisy: Haha... d'Éducatio'n, -- de' ass net schlecht (komesch éscht) Da ging den Här Rodin mir besser gefälen.

Anastasia: Sisy, wat héscht dat? sehlo dir den Här Rodin aus dem Kapp, dat ass e besseren Här, dén nemmen é Médchen aus senger Krèser helt.

Sisy: (spöttesch) O keng Angscht Joffer Anastasia — ech ging net wôen mei Bleck zu dem Här Rodin ze hiewen.

Anastasia: Eso' ass et richtig mei Kant — bleiw an denger Krèser — dann huel scho le'wer de Jang.

Sisy: O Mamm, -- jo vill le'wer. -- Ower excuse'ert Joffer Anastasia, wann der mech de Moment net breicht, ech hun nach e puer Sâchen ze erledegen.

Anastasia: Ge' mei Kand., ge' ech bleiwen nach e besschen hei. (Sisy fort.)

5. Zén.

Anastasia: (eleng) Né kuk de' Gretzelchen — we' sot et — da ging den Här Rodin mer nach besser gefälen. — machst de dech net verschnaufst. Den Här Rodin ass e besseren Här, dé ging nie eng Gouvernante wellen. — Ha -- ech hät nie geduecht dat e Manskérel mir nach eng Ke'er eso' gudd ging gefälen. — Mä den Här Rodin ass och eng Ausnahm. Hien hält sech mat Absicht zreck well hien färt ech geng mengen hie ging mer d'Cour mâchen we'nt dem Geld. — Oh, nén René, ech spieren dass du mir gudd bass!

6. Zén.

Jim: Hei, ass de Bim net hei? — Oh Pardon Joffer Pollefer -- (Gät op d'Joffer Anastasia duer, a kesst hirt Hämm). Bonjour Joffer Poleffer -- si dir och scho monter? -- Dat frèt mech — Gelt dass emoi e sche'nen Däg.

Anastasia: (komesch gene'ert) Oh jo dass wirklech e sche'nen Däg.

Jim: (zur Seit) A wat huet se dann -- sie kukt dran we' en Flung dat am Dreppsschlag stét. — (Zur Anastasia) Gescht wor och e sche'nen Däg.

Anastasia: Oh jo, gescht wor och e sche'nen Däg.

Jim: Elo Joffer Pollefer — ech muss soen...

Anastasia: Oh Hâr René, sot et. — sot et nemmen!

Jim: Hein ??? !

Anastasia: Oh Här Rodin — sot net emmer eso' steif — Joffer Polfer — elo wo' mer dach Kousin sin.

Jim: Hein? -- Ah ja, ah jo, we' gelungen gelt?

Anastasia: Dass guer net gelungen Här Rodin — an der Familjen duzt én sech, a nennt én sech beim Virnum.

Jim: Aha, we' gelungen (hien ass gene'ert) we' gelungen. — Also ech soll zu iech «du» soen — an Anastasia.

Anastasia: (ganz schimmeg) Jo — René.

Jim: Hein? Ah so', maja — Anastasia.

Anastasia: Oh René! (steipt sech wider hien)

Jim: (Verzitt d'Gesicht komesch) Elo — Anastasia — du bass eso' gelungen.

Anastasia: Oh René:, gene'er dech net. — so mir alles!

Jim: Wat soll ech dach nemmen alles soen?

Anastasia: Mach dein Hèrz me' licht.

Jim: (ganz platt) Hein? wat soll ech me' liecht machen?

Anastasia: (dramatesch komesch) Oh — ge' — du huest mech net gären.

Jim: Dat stemmt!

Anastasia: Oh nèn. René et stemmt net -- ech spieren et jo -- du bass net eso' king ze schwätzen, wellst du mengst ech ging mengen -- du häss mech nemmen we'nt menge Suen gären.

Jim: Dat stemmt net.

Anastasia: Ah, geseist de — et stemmt net — du kukst net no mengem Geld — gedu René?

Jim: Nèn bestemmt net — mir leit neischt drun.

Anastasia: Ah ech wusst et — René — ech wusst et. — (gät op en duer a get em eng Bés) Do René, elo si mir verlobt.

Jim: Wat sésst de? Verlobt?

Anastasia: (komesch frédeg) Jo, verlobt René — verlobt — Avoir René bis herno. (gét schnell fort a werft him iwer dem Fortgoen nach eng Bés zo'.)

7. Zén.

Jim: (eleng — kukt ganz verdaddert no) Verlobt? — Ech wär elo verlobt! — mä freckste net — de' do ass net schlecht. Elo hun ech eng sche' gesticht. — elo soll ech machen, dat Joffer Polfer den Här Rodin net wellt. — an elo wo' ech mech emmer eso' behöll hun — elo verlobt hat sech mat mer. — Der Deiwel get hanner déne Fra leit klug. (Sengt:)

1.

Eng Fra! Ja! Ja! Wat wöllt der hun?
De' ka mech net begäschteren.
De stärkste Mann ass iweldrun,
Wellt hien e Framensch mèschteren.
Beim Freien ass et se'ss we' Schmant,
Gedöllech we' eng Maischen;
Sidd dir bestuet, le'sst selwecht Kant
Den Deiwel aus dem Haischen.

Refrain:

Fir mech ass eng Fra e mönschlecht Iwel,
Als Rad dat fönneft an der Kâr,
Am Haus en onerwönschte Miwel,
Am Flèsch en decke Spackeldâr,
Sie kann eis d'Liewe blo'ss versauren.
De Bleck vun irgenenger Frâ
Dét mir eso' we' — t'ass ze bedauern
Grad we e knubblecht Kre'enâ.

2.

Wat muss de Mann net alles dun,
Fir Fridd am Haus ze hâlen!
Sie huet de' sche'nste Kléder un
An hien, hien muss bedâlen.
De Skungse Pelz an d'Parfumerie,
Eng Dosse Chemises-Culotten.
De Rouge-Baiser vun dernier cri
Wat kascht dat vill Klamotten!

3.

Am Stôt get d'Box, o gläwt es mir,
Vun der Madame gedroen
Wa sie iech Hâre setzt op d'Stir
Duerft dir nach neischt soen.
Well Ro'h am Haus soll emmer sin
De Mann muss villes schlecken.
Well dat neischt ass fir eise Jim,
Le'sst hie sech guer net strecken.

8. Zén.

(Nom Lidd kommen de René an de Bim eran.)

Bim: Ah wat ass da geschitt Jim. Du kuks jo dran, we' wann d'Henger der Bro't geholl hätten.

Jim: Ech hun och all Ursach. — Stell der vir, d'Joffer Anastasia Polfer huet sech elo grad mat mir verlobt.

Bim: (traureg) Mei Beiléd Jim!

René: Wat sést du do Jim?

Jim: Dass eso', Här Rodin. — Ech kann net dervir, sie huet mir eng Bés gin, an huet gesot, elo si mir zwé matenén verlobt. Wat soll ech do machen?

Bim: Jo wat sollt hien dann do machen Här Rodin?

René: Dat do ass fatal. Dat kann eis jo eise ganze Plang op d'Kopp geheien. Wat solle mer dann elo ufenken?

Bim: Ja, wat solle mer ufenken?

René: Mer müssen elo mat der Furw eraus. Eng aner Le'song bleiwt net.

Bim: Ech hätt eng Idee.

Jim: Lauschttert Här René. — De Bim huet eng Idee.

René: An de' wär?

Bim: Ech mâchen dem Jim d'Médche relles.

Jim a René: We'? ech verstimm net recht.

Bim: Ech machen der Joffer Pollefer eng Liebeserklä-
rung — Ka sin, dat sie mech erhe'ert, an sie le'sst de Jim lafen. Sie emerschreiwet dann sie ging den Här Rodin net wellen, an d'Sâch ass an der Rei. — Wat sot der dovun?

Jim: Dé Plang ass net schlecht!

René: Ech wéss net. — Gi mer do net e besschen weit?
Et ass net ganz nobel, wat mer do mâchen.

Jim: Här René bedenkt, — sie war och net nobel, — sie huet mech vergewaltigt.

Bim: Ech vergewaltigen sie och!

René: Héla — alt luess, — alles an E'eren.

Bim: Jo, sicher, nemmen an E'eren.

Jim: Mir müssen eis ewech mâchen. — d'Joffer Anastasia huet gesot, sie wär geschwenn erem. Ech wellt net, dat sie mech nach eng Ke'er eleng erwescht.

Bim: Git dir. — ech huelen de Kampf op!! (de' zwe'n gin of.)

9. Zén.

Bim: (eleng) Auf in den Kampf Torrero, — siegsbewusst, — Stolz in der Brust! Aha Bim, — elo musste beweisen, wats de färdeg bringst. Ower we' mâchen ech dat? Ech hun nach nie eng Liebeserklärung gemacht. (Helit sech eng Statue, de' do stät oder soss eppes a stellt sech virdrun) — Joffer Anastasia Polfer. — Mein Härz klappt we' eng Tromm! — Nén, dat gét net, — soss sét se ech soll fir Trommelschle'er goen. — Also Joffer — Dag an Nuecht hun ech keng Ro' — dat stemmt — bei dem Liewen do — dat ass richtig an et sét sech gudd, — Also. — Dag an Nuecht hun ech keng Ro'. — Mein Härz — iwerhapt fir wat schwätzen se emmer vum Härz, sie kennten jo och soen «meng Lie'wer». — Haha — Komm u meng Lie'wer! — Meng Lie'wer ass deng! — Awer Witz beiseit. — Ech muss mech un d'Härz hålen. Joffer Anastasia Polfer! — (Iwerdém ass d'Anastasia era kom.)

Anastasia: Wat geliff Här Bimski?

Bim: Ah! — do sit der jo selwer.. Joffer Anastasia Pollefer. — Ech muss iech et soen. — Meng Lie'wer....

Anastasia: Hut dir Lie'wer we'?

Bim: Nén elo ech wollt soen.. Dag a Nuecht hun ech keng Ro'. Mein Härz...

Anastasia: Net är Lie'wer?

Bim: Nén Joffer mein Härz, le'sst mir keng Ro' zenter dat ech iech gesin hun.

Anastasia: Ower, Här Bimski!

Bim: Neischt ze bïnskien. Losst mech emol ferdeg schwätzen. Also wo' war ech drun? ...

Anastasia: Bei ärem Härz. Här Bïnski.

Bim: Ja, mein Härz le'sst mer keng Ro', Joffer Anastasia, ech hun iech gär, — kukt opt d'Kne'en falen ech virun iech, -- erhe'ert mech.

Anastasia: Oh Här Bïnski, ech si ganz gee'rt vun ärem Antrag, — awer arme Mensch. — Ech kan net — mein Härz ass net me' frei. Ech hun mein Härz verschenkt.

Bim: Ah! — dat ass mein Do'desurtél, Joffer. Uni iech well ech net me' liewen .. kann ech net me' liewen.

Anastasia: Ha, wat en Dag. Hät ech je geduecht nach eso' vill Succès ze hun. Eigentlech gefällt den Här Bïnski mer guer net eso' schlecht, — an hien mecht dat eso' sche'n. — ower nén — ech hu mein Härz verschenkt.

Bim: Wien ass dé Glectlechen, — Joffer Anastasia?

Anastasia: Äre gudde Frenn a Mèschter, den Här Rodin.

Bim: Aha jo, d'Geld gät zu Geld, dat hät ech nie vun iech geduecht Joffer Anastasia.

Anastasia: Här Bïnski, gläwt dat net, — kukt ären Antrag e'ert mech, — mä ech hu mech elo virun enger ve'rel Stonn verlobt. -- ech kann net ontrei gin. Tre'scht iech, — mä et gät net — Au revoir arme Friend. — au revoir. (Fort.)

10. Zén.

Bim: Au revoir ... (wann et zur Dir aus ass) âl Kre'schel! Ja, do sin ech sche'n ofgebletzt. De Jim huet dach me' Succès we' ech.

Jim: (streckt de Kapp eran) We' ass et gangen? Basste och e glectlechen Breitigam?

Bim: Nén Jim -- et huet net gezunn — sie ble'wt dir trei.

Jim: Aha, wat sot ech der — dén hei mecht Androck opt Fraleit.

Bim: Du vermengtene Geck.

Jim: Bim! (feierlech) eis Frenschafft duerf nie durch e Framensch geste'ert gin. Schwier et!!

Bim: (Ganz feierlech, — mecht Kreiz — speitzt op de Buedem) Ech schwieren! (Falen sech an d'Ärm.)

Jim: Awer wat mache mer elo?

Bim: Ja, wat mache mer?

Jim: Wat huest du dann eigentlech zur Joffer gesot?

Bim: Ech hu gesot, et wär mein Do'desurtél, ech kent uni sie net liewen.

Jim: Do'desurtél. — Bim — Uni sie net liewen, — Bim, — ech hun eng Idee.

Bim: Och einol ... eng Ke'er!

Jim: Bïn du muss stierwen!

Bim: Wat? Stierwen? — ech ka mech halen.

Jim: Du musst dech ersche'ssen, erdränken, ophänken!

Bim: Alles matenén? .. oder ént no dem aneren?

Jim: Verste' mech, — du musst net richtig stierwen — nemen zum Schein.

Bim: Ech soll mech also och nemmen zum Schein ophänken?

Jim: Bïn, eng Idee. — Du hängst dech zum Schein op. D'Joffer muss dech gesinn. — dat gät un se. Ech retten dech. an de Rescht kent vun selwen. — Kom. Bim, mir gin alles an d'Rei machen.

Bim: Auf in den Kampf Torreador! (sie huelen sech an den Arm a marsche'eren eng Ke'er ronderem, iwerdém wo' sie sangen — Auf in den Kampf Torrero. — Dann of.)

11. Zén.

René: Hei! Kén hei? — Emol é Moment onbewächt. (Setzt sech gemidlech.) Ech wés net ech sin de' lescht Stonnen eso' opgereggt, — ech mengen ech hu Gewesensbess. Ech hät dach dé Witz net solle mâchen. Ech farte wann d'Joffer Sisy dohannert kent, da get dat be'ss. an dat hät ech dach net gären. Kuk, wann ech

emmer mengem richtege Num kom wär, an ech hät d'Sisy kenne gele'ert, hät ech ro'eg zur Kusine Anastasia soen können: Le'w Kusine, halt èr Suen, et gät mer dur mat dénen 20 000 Frang, ech huele mer d'Sisy, — a morgen schafft Gott wieder — Ower, ech färten. — Ja, ja. (ass am Nodenken.)

Sisy: (Ass lues era kom) Hei den Här Jang. Hien helt sech de Gemütlechen.

René: Nennt mech net me' Jang, Joffer Sisy. Dir wesst jo, dat ech net eso' héschen.

Sisy: Et passt sech net vir en Denger ze héschen we' sein Här.

René: Mat de Geck net mat mir Joffer Sisy... elo..

Sisy: Wat wellt der soen?, Här René. Dir setzt emmer un, an et kent neischt. E'nescht schon wart der dich- teg am Gang ze schwätzen we' d'Joffer Pollefer kom. Wat wollt der mir do eigentlech soen?

René: Joffer Sisy ech wollt iech soen, dass dir mir vum e'schten Dag un, gudd gefall huet, an dass ech iech gären hun, do, — do ass et eraus!

Sisy: (Verwonnert) Ass dat alles?

René: Oh, Joffer Sisy..

Sisy: (vir sech) Oh Gott, ass dé Mensch schei! — (ver- stellt sech) Oh René, dir hut mer och gudd gefal, ech hun iech och gären, — do, elo ass et och eraus.

René: Oh, Joffer Sisy!

Sisy: Oh Här René... (vir sech) Kent dén nan net? Hat der mech net richtig verstänen Här René? Elo, ech hat gesot, ech hät iech och gären.

René: Oh Joffer Sisy... wann der et we'sst.

Sisy: Wann ech wat we'sst?

René: Joffer Sisy, ech sin e Schwindler.

Sisy: E Schwindler?!

René: Joo... ech si guer net de Jang den Denger!

Sisy: Nén, ech wéss jo, du bass de René.

René: Jo, mais den René Rodin.

Sisy: Den René . . . waat?

René: René Rodin, ass mei Num, ech sin de Kusun vun der Joffer Polfer.

Sisy: Ech verstinn net recht, — wien ass dann de René Rodin . . . dei Chef.

René: Sisy, lauschter, — dat ass jo meng Schwindelei. Den Här dén de Rodin spillt, an sein Sekretär, den Här Bimski -- sin eigentlech zwén Arbeitsloser — de Jim an de Bim — de' ech engage'ert hun, vir de' Roll ze spillen, well ech mech net wollt mat der Anastasia bestueden.

Sisy: Ech verstinn eso' luess — mä dir Erzschwinder — dat ass jo allerhand.

René: Jo, et ass allerhand(le'sst ganz traureg de Kapp hänken).

Sisy: (e bessche spöttesch) — Hat dir e'nescht wirklech net gudd verstänen Här René?

René: Bei wat Joffer Sisy?

Sisy: (ganz hårt an hallef be'ss) We' ech iech geäntwert hun, ech hät iech och gären.

René: Dach Sisy, dach (gät op et duer an helt et mat den Hänn). Bass du mir dann och net be'ss, well ech e Schwindler sin?

Sisy: Hueste dann och geschwindelt, we'ss de gesot huest, du wärst fro' mat mir?

René: Nén, Joffer Sisy, Nén!

Sisy: Na, also...

René: Sisy! (emärbelt et.)

Sisy: Num, endlech ass net e'weg!

Lidd vum René a Sisy.

1.

René:

We' ech dech fir de'scht gesin.
War mein Hierz gefängen.
Obs du mir dein Hierz ge'ws gin,
War mein énzegt Bängen.

Sisy:

Vun der allere'schter Stonn
Hät ech dech scho gieren.
D'Se'l voll Gleck an d'Hierz voll Sonn.
Dat kann ech beschwieren.

Zesummen:

Refrain:

Mir hun eis gier; et jeitzt et re'ft
So' se'ss a wonnersche'n,
Eist Hierz sei Gleck vun hechster Le'ft
Mat se'lende'wen Te'n.
Wann d'Hierzer voll vu Le'ft a Gleck,
Wat brauch én dann nach Geld?
Vu Le'ft leit d'Sonn an eisem Bleck
Eist Gierhun ass eis Welt.

2

René:

Du basst meint. Dat gre'sste Gleck.
Dat ech kann ersamen.
War, we' ech an dengem Bleck.
D'Le'ft zu mir konnt fannen.

Sisy:

Durch deng Le'ft do konnst du mir
D'Gleck eleng berèden.
Waans du sés: «Ech hun dech gier»!
Kluckst mein Hierz vu Frèden.

René: (am Lâchen) Du mechst mech zum glecklechten
Mensch vun der Welt. An du helst mech och, wann
ech d'Ierwschaft net Kre'en?

Sisy: Dabo do! Ech hät dech och als Jang gehol. Mä nu
so mer emol alles ganz genä.

René: Sisy, ech hun der dermossen vill ze soen, dat ech
mengen et wär besser, mir gingen eis e besschen
zreckze'hen, well hei kuken eis der dach e besschen
ze vill no.

Sisy: Daccord René! (Arm an Arm of.)

12. Zén.

Jim a Bim.: (komeschen Opzug. Eventuel dat de Jim de
Bin un engem Streck nozit. — De' Zén ass eso' ge-
mengt, dat alles urkomesch ass. Am beschten ass et
d'Publikum huet d'Impressio'n de Streck wär em den
Hals, während hen a Wirklechkét enner den Ärm ass)

Jim: Komu To'deskandidat. Deng lescht Stonn ass kom!

Bim: Nach e leschte Wonsch!

Jim: Schwätz, — ier deng Se'l an d'Hell fiert!!

Bim: O grausamen Henker! — Kent ech net nach eng
Dröp kre'en?

Jim: O du Materialist. Un der Schwell vum Do't denkt
hien nach un d'Saufen.. Awer dei Wonsch siew er-
fellt, — -- enner déer Conditio'n, dat ech eng mat
kre'en. (Sie huelen eng zesummen.)

Jim: An elo get et èscht. Also ech mâchen de Streck hei
un. — du bleiwst um Stull stoen, bis d'Joffer kent, —
da ste'sst du de Stull em, an du baumelst, — ech kom-
men direkt dech erle'sen.

Bim: Wart over net ze lang, — well ech gi schwindelech
wann ech eso' do henken. (Während dem Gespre'ch
ass de Bim op de Stull geklommen an de Jim huet de
Streck ugemat. — Et muss alles viraus prepare'ert
sin. De Bim huet en decken Streck ennert den Ärm.

De Paltong zo'. De Streck kent dann hannen eraus, we' wann en ein den Hals le'g, wann de Bim de Kapp beckt.)

Jim: So', Bim. Elo gin ech d'Joffer ruffen. — Au revoir, an enger besserer Welt! (Jim of.)

13. Zén.

Bim: (Stät um Stull de Streck parat.) Junge, Junge! wat en Afentheater. Elo stin ech hei we' d'Jungfrau vun Orléans, — elo nén, de' ass jo net gehänge gin, de' guff jo verbräunt. — Opgepasst, ech he'eren se kommen. (Ste'sst de Stull em, a baumelt.)

Mathes: (Kent eran, o'ni de Bim ze gesin) Hei... ass kén hei? Ech sollt dem Här Rodin e Bre'fche brengen. An elo ass kén hei. D'Geléenhét ass gönschteg. Hei stät jo d'Flesch, elo get sech gestärkt. (Wellt drenken.)

Bim: Hu... Hu.... le'ste de' Dröp stoen!

Mathes: (ass ganz erschreckt erem gefuer a geseit de Bim do henken) — O Gottli, — o Mammeli. — A wat ass dat doen? — Wat mat där do henken?

Bim: Ech henken hei fir ze drechnen.

Mathes: O Mamm, o Mamm, sit dir erhangen?

Bim: Jo, erhangen! — Mensch, du schwätzt mat enger do'deger Leich.

Mathes: O Mammeli, o Gotteli, — ech kann net me'. Hellef hellef! — Eng do'deg Leich de schwätzt. (schnell fort.)

14. Zén.

Jim: (Kent zur Seit eran) A, wat ass dann hei vir e Radau?

Bim: Setz mer de Stull mol erem zegutst. (Et geschitt.) Ech hat én he'eren an duecht et wär d'Joffer Anastasia, — do war et jo de Mathes. — So Jim, nu loss mech net nach hei baumelen, mach dat ower elo kén aneren era kent.

Jim: Opgepasst! Elei kent d'Joffer. (Verstoppt sech schnell.)

Anastasia: (Kent eran oni de Bim direkt ze gesin.) Hätt é jé geduecht, dat ech nach eso' en Succès hät. Zwe' Männer streiden sech em mech. Wann den Här Bimski alt nemmen net wo'er mecht wat hie gesot huet. (Kukt em a geseit den Bim, dén de Stull op d'Seit gesto'ss huet an do baumelt.) — Gott o Gott, — den Här Bimski! — o hien huet d'Wuert gehâlen! — Här Bimski, sit dir do't.

Bim: (mat deischerer Stöm) Mausdo't!!

Anastasia: O, dat do ass ze vill, — dat ass ze vill. (Schnell fort).

15. Zén.

Jim: Gro'ssarteg Bim, gro'ssarteg. — Dat get eng nei Nummer wa mer erem arbeitslos gin. (Huet de Stull erem dohinner gestalt, a mecht de Bim lass.) Hei Bim, eng Dröpchen, du huest deng Affär prima gemat. Elo schnell alles zesummen, da gin ech der Joffer soen, ech hätt dech am leschten Ableck nach gerett. Hei eranner. (Bim zur Seit aus.)

Mathes: (mat engem gro'sse Messer.) A wo' ass en?

Jim: (Erschreckt.) Wien Mathes, wien?

Mathes: Hei hung e'nescht eng do'deg Leich. Ech wollt se befreien.

Jim: Dass geschitt Mathes. Ech hun se elo grad ausgedroen.

Mathes: Ass en do't?

Jim: Mausdo't.

Mathes: A sei Gèscht?

Jim: Dén ass nach hei. Wart ech weisen dir en. (Gèt hannerert Bühn a riff.) Gèscht vum Bimski, komm — hockus — bockus — dockus! (Hanner der Bühn eraus kent de Gèscht vum Bimski. De' Zén ass zimlech licht machen. De Bim hölt e puer Stiwelen an d'Hänn a streckt d'Ärm richt ewech, während hien de Kapp an

den Uewerkierper so' weit we' me'glech no hannen hält. Et get dann e Leinduch iwert de Kirper, mat Ausnahm vum Kapp an de Stiwelen geluecht. Wann de Bim da viru gät huet all Mensch d'Impressio'n hien ging an der Luecht schwiewen.)

Mathes: O Mamm, o Mamm, e richtige Gësch!t!

Bim: Ha Mathes Schnapsnues, gäss du de Gëschter nach eng Ke'er mam Gräf no?

Mathes: Nén, Här Gësch, nén!!

Bim: Seifst du nach eng Ke'er de Branntwein wanns de e Bre'f ze brengen lues?

Mathes: Nén. Här Gësch, nén. (de Mathes ass iwerdém dem Gësch ausgewach ronderem d'Bühn a benotzt Ge'leénhét, schnell zur Dir aus fort ze kommen. De Bim ass em lues nogangen, an huet sech eso' gedre't dat Publikum de Kniff vum der affaire gesin huet.)

Jim: Héla Bim. — emdre'en, du vere'dst eis beschit Kniffen. — Gësch vum Här Bimski fort... fort! (de Bim gèt lues hammerzeg aus.)

16. Zén.

Anastasia: (Lust zur Seitendir eran.) O Här Rodin, gut das dir do sit. Wo' ass den Här Bimski?

Jim: Keng Angscht Joffer. Kommt dir ro'eg eran. Hien ass fort.

Anastasia: Hengt hien net me' do?

Jim: Nén Joffer, et ass him och neischt weider geschitt. Ech sin grad era kom, an hun hie gerett.

Anastasia: (Kent ganz eran) O, Här Rodin, wann é bedenkt, dat hien sech wollt do't machen wént menger. (Steipt sech wider hien.)

Anastasia: Här Rodin, dir duerft mer net be'ss sin. Mä ech muss eis Verlobung oplesen.

Jim: Macht dat Joffer! Macht dat!

Anastasia: Ech kann et net iwer mech brengen, én onglecklech ze mâchen.

Jim: Verlobt dir iech dann mam Här Bimski?

Anastasia: Nén. Well soss giw ech iech onglecklech machen.

Jim: (komesch) A we'!!

Anastasia: Ruft den Här Bimski eran!

Jim: Här Bimski, dir git verlangt. (Bim kent traureg nidergeschloen eran, kesst der Anastasia d'Hand.)

Bim: Verzeit mer Joffer Anastasia.

Anastasia: Schwätzt net driwer. Dass erlanscht. Kommt setzt iech heihinner. (Sie setzt sech op de Stull oder an d'Fauteuil — de' zwe'n op de Buedem oder op eng Benkelchen, jiderén zu engér Seit, eso' we' Ritter fre'er bei den Damme sutzen.)

Anastasia: Kukt dir Hären. Dir durft mer net be'ss sin. Ech wéss dat dir zwe'n unenén hengt mat enger richtiger Frendschaft. Ech well èr Frendschaft net zerste'eren. Durfir hun ech beschloss, kén vum iech alle béd ze erhe'eren. Här Rodin, ech stellen iech dat Schreiwen aus, dat ech iech net well, an domat krit dir d'Halschent vum der Ierwschaft, a mir bleiwen dann allen drei gudd Frenn. — Averstanen? (récht himmen d'Hänn.)

Jim: Elo Joffer Pollefer...

Bim: .. Joffer Anastasia.

Anastasia: Wat lut dir zwe'n dann elo?

Jim: Mä si schlecht Leid...

Bim: ... Jo ganz schlechter.

Anastasia: Ech verstin net recht. (Iwerdém kent de René eran.)

17. Zén.

René: (Ganz èscht) Joffer Pollefer, ech hât en èscht Wuert mat iech ze schwätzen. Dir zwe'n kent et och nolauschteren.

Anastasia: Elo Jang, ech verstin net recht.

René: Kurz a gudd Joffer Pollefer, — ech si ké Jang, —
ech sin de René Rodin, äre klenge Kousin.

Anastasia: Wat? de René Rodin.. (zum Jim).. wat sot
dir derzo' Här Rodin.

Jim: Et stemt!

Bim: ... dass nemmen ze' vill wo'er.

Anastasia: Ma jo wat hèscht dat dann.. sin ech dann hei
Schwindler ennert d'Hänn gefâl?

René: Joffer, lauschtert é Moment.

Anastasia: Gud, ... erzielt!

René: We' ech de Bre'f vum Notär kruch, hun ech mech
op de Wé gemat, vir heihinner ze kommen. Ech le'en
net. Ech hu mer de Plang geschmied, fir d'Hallschent
vun der Ierwschaft ze retten. Ech war eng arm Lo'-
der an hu gemengt d'Geld ging glecklech mâchen.
We' ech do de Jim an de Bim font hun

Anastasia: Wien ? ? ?

René: (weisst op de Jim) De Jim.

(weisst op de Bim) De Bim.

We' ech de' font hun, hu mir e Plang gemacht, iech
ze beschwindelen. De Jim sollt meng Roll spillen, eso'
dat dir schrefftlech gingt erklären, de René Rodin net
ze wellen. Ech hun nun hei d'Joffer Sisy kenne gele'-
ert an hun se gâr krit. We' ech hier alles erklärt hun,
huet sie gesot, sie geng mech nemmen dann huelen.
wann ech iech alles ging beichten, an iech em är Ver-
zeiong biede ging.

Anastasia: Sisy, - meng Gouvernante, — wellt hat wierk-
lech op d'Geld vun der Ierwschaft verzichten.

René: Jo, Joffer Pollefer, an ech och. Ech well ké Geld,
dat op Onrecht erwuerwen ass.

Anastasia: (Zum Jim a Bim) Dann huet dir mech och be-
drun, we'nt dem Geld.

Jim: Net we'nt dem Geld.

Bim: Well mir welle ké Geld.

Anastasia: Dat ass jo allerhand. Kann én da kengem
Mensch me' trauen.

Jim: Joffer, wann den Här René net kom wier, mir waren
um Punkt iech alles ze beichten.

Bim: Jo, et huet eis ze lèd gedoen. well dir eso' gudd
mat eis wart.

Anastasia: Soll ech dat glèwen Här Rodin? Da muss ech
iech jo eso' nennen. Wo' ass d'Joffer Sisy? — Git ruft
mer se. (René gât bei d'Dir a rifft d'Joffer Sisy cran.)

Sisy: Joffer Pollefer, dir musst mir gläwen. Ech wusst
neischt vun der ganzer Affär. Wann ech och drun ge-
zweiwelt hun, — dat den Här do, den Här Rodin sollt
sin.

Anastasia: Ech glèwen dir Sisy. Wellst du wirklech den
Här Rodin fir Man? — Ech mâchen dech opmierksam,
dat hien ké Su vum Verme'gen mat Ausnahm vun den
20 000 Frang krit.

Sisy: Jo, Joffer. Ech well en ower. Och wan hien ké Su
huet.

Anastasia: Sisy, wanns du mer versprechs hien net ze
huelen, a bei mir ze bleiwen, da kriss du vu mir e
sche'nt Spuerbuch ugeluegt.

Sisy: Joffer Polfer verzeit. — En èscht an e'erlecht Wuert.
Dir sit vielleicht dodurch well dir iech Joeren vun
Liewen ofgeschloss hut. e besschen komesch gi ge-
wiescht. Mä ech wéss dat dir e gudd Härz hut. Dofir
konnt ech iech och gudd gebrauchen. Mä elo gèd et
em mei Gleck, an do kann ech net anescht.

Jim: O, Bim we' rührend!

Bim: O, Jim we' sche'n.

Anastasia: Kanner. — Abé dan he'ert elo meng Décision.
Ech hun elo an enger ve'erl Stonn me' gele'ert, we' an
e puer Joer. Ech hun emmer gemengt all Mensch ging
nemmen nom Geld kuken, we' ech et gemat hun. Ech
gesin, ech hu mech geirt. — Här Rodin, ech erklären

heimat feierlech a gin et och schrefflech beim Notär of. — dat ech iech net bestuede well. Dodurch kritt dir d'Hallschent vun der Ierwschaft.

René: Né, Joffer Pollefer, dat durft dir net, well mir iech beschwindede wollten.

Anastasia: Mei Wuert, ass e Wuert. A wanns du als klenge Koussin d'Geld net wellst, da kritt d'Sisy et als Hochze'tsgouf vu mir.

Sisy: Joffer Pollefer, dat do vergiessen ech iech niemols.

Anastasia: An dir zwe'n Bringangen...

Jim: O, Joffer Pollefer...

Bim: — .. O, Joffer Anastasia ..!

Anastasia: Dir bleiwt hei um Schlaß als Gärtner oder Kitschner a schafft emol e'erlech.

Jim: De' Strof ass ze hart.

Bim: An eis Konscht?

Anastasia: De' kent dir och hei ausüben. — We' ass et?

Jim: Bim we' ass et?

Bim: Gud, a mat dèr!

Jim: Né Bim, wat séste zu dém Vierschlag?

Bim: Wat soll ech soen?

Jim: Bedenk, da brauche mer net me' an den Garwen ze schlofen.

Bim: An ech brauch mech net me' ze erhenken.

René: Ech mengen dir zwe'n kent zefridde sin mat dém Virschlag.

Sisy: Kukt, dann hu mir zwe'n Bekannter, wa mir bei d'Joffer op Besuch kommen.

Anastasia: Ešo' ass et richtig, an da le'ert dir dem René an dem Sisy hir Kanner Theater spillen, wann se an d'Vacanz kommen.

Jim: Hues de he'eren Bim?

Bim: Ech hun he'ere Jim!

Jim: Basste daccord?

Bim: Ech bassten daccord! ! !

Anastasia: An elo welle mer der Sâch och e feierlechen an e würdegen Ofschloss gin. — Ruft d'Leit eran. Sie sollen Zeien vun denger Verlobung gin. (Jim a Bim an enger Frèd op bei d'Dir.)

Jim: Komt erbei, komt erbei, hei get Verlobung gefeiert!

Bim: Komt, hei get et fir neischt ze drenken! !
(De' am e'schten Akt Schnetter a Schnetterinnen woren, kommen opt d'Bühn.)

Anastasia: Dir le'w Leid. — Ech wéss ech war hei ans do e besschen streng a gelungen zu iech. Dat ass vun haut un anescht. Vun haut un soll dir bei der Arbecht sangen a lächen. Dir sollt löschtteg sin. A fir iech ze weisen, dat en neie Gèscht hei anzitt, sid dir alleguerten zur Verlobung vun der Joffer Sisy mat dem Här Rodin ageluuden.

Mathes: O, Mameli, do stèt jo de' do'deg Leich.

Bim: Mathes, siew net kenterlech. Schwätz net doriwer.

René: Kousine, -- ech soen dir vilmols merci, dass du dat Schlecht mat Guddem vergellst. An dir Leid sid hârzlechst ageluuden zu eiser Verlobung. — Jim...

Jim: Jang hal de Mond...

Bim: ... a schwätz eis net emmer an d'Gespre'ch. (alles lächt.)

(D'Musek intonne'ert d'Schlusslied.)

Jim:

Mir gét et gudd, net schlecht och him,
Eriwer ass nun d'Walzen.

Bim:

Wat sét de Jim, hält gudd de Bim,
Ech muss him emmer schmalzen.

Jim a Bim:

Mir hun e Bett, fir d'Schlôfegon
Mir sin elo gebuergen.
Mä ént eleng, dat Schaffegon
Dat mecht eis schrecklech Suergen.

René a Sisy:

Fro' a glecklech si mir zwe',
D'Lewt huet eis gebonnen.
Secher brengt de Lieweswé
Eis nach frédeg Stonnen.

Anastasia:

D'Le'wt ass eng Fantasia,
Wann é lång gebueren.
Dofir Anastasia!
Lôss all Hoffnung fueren!

Schnapsues:

Fir de' Angscht virun de Gèschter
Aus dem Bösch an dem Geströpp,
Froen ech haut beim Buergermèschter
Mir eng gro'sseg, gro'sseg Dröpp.

Zesummen:

Mir si fro' an sin zefridden,
Dat eis munches haut gegleckt.
Frösch gelächt an net gestridden,
Ass, dat ,wat sech vir eis scheckt.

De Dideau fällt.